



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Travail, de l'Emploi et  
de l'Économie sociale et solidaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

07 MARS 2019

**Monsieur Fernand ETGEN**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**  
**Service Central de Législation**  
**L-2450 LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 6 mars 2019

Agent en charge            M. Armin Skrozic  
Tel :                            247 86122  
Courriel :                    armin.skrozic@mt.etat.lu  
Référence interne         MT/MT/QP/QP N°283

**Concerne :    Question parlementaire N°283 des honorables Députés Martine Hansen et Françoise Hetto**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**  
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie**  
**sociale et solidaire**

### Äntwert vum Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro N°283

D'Zil vun der Prozedur vun der Allgeméngverbindlechkeetsklärung vu Kollektivverträg oder interprofessionellen Accorden ass jo, dass dat Ofkommen am ganze Secteur applikabel gëtt, och wann dee jeeweilege Betrib net Member vun enger vun de Vertragsparteien ass.

Et ass also richtig, dass och déi Handwierksbetriber déi net Member an der Handwierksfederatioun sinn mussen kotiséieren. Déi staatlech Interventioun an deem ugesprachene Dossier ass just déi gewiescht fir de Sozialpartner hirem Wonsch betreffend d'Allgeméngverbindlechkeetsklärung vum interprofessionellen Accord nozekommen an dës ze dekretéieren, wat och geschitt ass duerch d'Groussherzoglech Reglement vum 1. November 2015 an daat no Consultatioun a mam Accord vum nationale Schlichtungsamt a vun den zoustännege Berufschamberen.

Wat de Contenu vun deem Accord ugeet, sou läit déi Gestaltung bei de Sozialpartner am Kontext vun der Tarifautonomie, an et ass net um Aarbechtsminister fir sech an déi Tarifautonomie anzeméschen oder d'Resultat dovunner ze kommentéieren.

Wat d'finanziell Bedeelegung vum Staat bei der Weiterbildung ugeet, esou geschitt déi iwwer d'Dispositiounen vun den Artikelen L. 542-1 bis L. 542-19 vum Aarbechtsgesetzbuch an dat onofhängeg vum Secteur an deem se stattfënnt.